

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, de 17. September 2026

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau weiderzeleeden:

„D'Konsequenze vum Klimawandel, déi mer hei zu Lëtzebuerg besonnesch dës Summer ze spiere kruten, stellen eis Landwirtschaft viru grouss Erausforderungen. Intensiv a laang Drécheperioden an ongewinnt héich Temperature riskéieren een negativen Impakt op d'Qualitéit vum Buedem an d'Disponibilitéit vu Waasser ze hunn. Gläichzäiteg besteet d'Bedürfnis fir d'Landwirtschaft méi widerstandsfäeg géintiwuer dem Klimawandel opzestellen.

Eng vun den Optioune läit an der Stärkung vun der Agroforstwirtschaft, déi hirersäits de Mikroklima verbessert, d'Verdunstung op Wisen a Felder erofsetzt an d'Erosioun bremse kann.

An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau folgend Froe stellen:

- Wéi huet sech de Beräich vun der Agroforstwirtschaft an de leschte fënnef Joer hei am Land entwéckelt ? Läit do spezifescht Zuelematerial vir ?
- Kann d'Madame Ministesch eis en Iwwerbléck iwwer déi finanziell Hëllef liwweren, déi landwirtschaftlech Betriber fir Projeten an deem Beräich ufroe kënnen? Wat fir Konklusiounen kann een aus dem aktuellen Zuelematerial zéien ?
- Wat fir Moossname wäerte muss geholl ginn, fir d'Agroforstwirtschaft nach méi resolut ze promouvéieren, dat fir d'Biodiversitéit op de Wisen ze stäerken an de Schutz vun den Déieren op de Weeden am Summer auszebauen?“

Mat déiwem Respekt,



André BAULER
Deputéierten



Luc EMERING
Deputéierten



**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau a vum Minister fir
Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n°4769 vum 17. September 2026 vun den
éierewäerten Deputéierten André Bauler a Luc Emering**

**1. Wéi huet sech de Beräich vun der Agroforstwirtschaft an de leschte fënnef Joer hei am Land
entwéckelt ? Lait do spezifesch Zuelematerial vir ?**

Iwwert de Projet vum Naturpark Our, deen iwwert de Klima- an Energiefong vum Ëmweltministär
finanziert gëtt, sinn innerhalb vun de leschte 5 Joer 12 Parzellen bei 10 Proprietären ëmgesat
ginn; 1 002 Beem goufe geplazt, 237 Straicher, 18 918 Pëppelen/Weeden an 4 665 Hecken.
Ausserhalb vum Naturpark Our goufen zousätzlech op 3 Parzellen 39 Beem gesat an op engem
weidere Schlag iwwert 1 000 Pëppelen. Mir kommen hei op eng Gesamtfläch vun 43,62 Hektar u
Parzellen, wou een Agroforstsystem drop besteet. Weider 44 ha sinn an der Planung fir
d'Planzsaison 2026-2027.

Iwwert d'Agrar-, Ëmwelt a Klimamoossnam "Agroforst" (554) goufen et 4 Ufroen fir d'Kulturjoer
2025/2026 an 3 Ufroen fir am Kulturjoer 2026/2027 ze realiséieren. Vun deene 4 ugefroene
Projeten fir d'Kulturjoer 2025/2026 gouf 1 ëmgesat mat 4 650 Pëppelen op engem Schlag vun 1
Hektar. Am Ganzen schwätze mir hei iwwert d'Ufroen fir 1 358 nei Beem an der Optioun AF1
(Wäertholzsystemer an héichstammeg Uebstbeem) ze setzen, an op 16,8 Hektar am AF2
(Kurzumtriebsystemer a Form vun Sträifen um Aker) an 5,73 Hektar am AF3 (strukturell Hecken
an zousätzlech niddregen Beem) unzeplanzen.

Am Ganzen goufen esou iwwert 80 Hektar Agroforst, also vum Projet vum Naturpark Our an
iwwert d'Agrar-, Ëmwelt a Klimamoossnam "Agroforst" (554), geplazt an deels och schonn
ëmgesat.

**2. Kann d'Madame Ministesch eis en Iwwerbléck iwwer déi finanziell Hëllef liwweren, déi
landwirtschaftlech Betriber fir Projeten an deem Beräich ufroe kënnen? Wat fir Konklusiounen
kann een aus dem aktuellen Zuelematerial zéien?**

Virop, am Kader vum Projet iwwert de Klima an Energiefong bitt den Naturpark Our, deen 2
speziell ausgebildete Mataarbechter huet, eng landeswäit Berodung fir Agroforstprojeten un. Hei
kritt de Bewirtschaftler Hëllef bei der Planung, der wirtschaftlecher Aschätzung vu sengem Projet
an der Demande vun der Agrar-, Ëmwelt a Klimamoossnam "Agroforst" (554). Dank dëser
Berodung an enger ganzer Rei Informatiounsdeeg an Workshops fënnt den Agroforst ëmmer mei
Interêt bei de Betriber.

Am Agroforst-Projet vum Naturpark Our kënnen bis zu 100% vun de Käschten iwwerholl ginn. Do gehéiert d'Planung, d'Ëmsetzung an och herno de Suivi dozou (d'Nätzen, d'Ersetzen vun de Planzen, d'Flécken vu Zénk etc.) an et gëtt och ee Monitoring vun de Flächen gemaach. Dat heescht et gëtt een IST-Zoustand virun der Uplanzung erfaasst an am Laf vun de Joren sollen do dann verschidden Aspekter ënnersicht ginn.

Et gi nëmmen Agroforst Ëmsetzungen finanzéiert, déi duerch hire méi spezielle Charakter an déi geplanzten Zorten net eligibel sinn fir iwwert d'Agrar-, Ëmwelt a Klimamoosnam "Agroforst" (554) finanzéiert ze ginn.

An der Agrar-, Ëmwelt a Klimamoosnam "Agroforst" (554) dogéint gëtt d'Finanzéierung net zu 100% iwwerholl.

Hei muss een differenzéieren, well d'Uschafungskäschten am éischte Joer méi héich sinn, dofir och am Ufank méi héich finanzéiert gëtt, an duerno d'Ënnerhaltskäschten méi niddreg sinn. An der Primm, wou ee sech fir 5 Joer engagéiert, ginn et 3 verschidden Optiounen:

- D'AF1 mat Wäertholzsystemer an héichstämmege Uebstbeem, wou een bis zu 70 Euro pro Planz a Schutz géint Verbass kréie kann, an duerno all Joer nach 10 Euro pro Bam fir den Ënnerhalt.
- Bei der zweeter Optioun AF2, déi Kurzumtriebsystemer a Form vu Sträifen op Aker férdert, kritt een bis zu 900 Euro den Hektar Ubaufäch a bis zu 10 Euro de lafende Meter Schutz géint Verbass, duerno dann 60 Euro den Hektar Ubaufäch fir den Ënnerhalt ze garantéieren.
- An der drëtter Kategorie AF3, déi aus strukturräichen Hecken an zousätzlech niddregen Beem bestoe kann, kritt een bis zu 2 500 Euro den Hektar Ubaufäch, an och hei gëtt de Schutz géint Verbass mat 10 Euro de lafende Meter ausbezuelte. Hei kritt een dann 180 Euro den Hektar Ubaufäch all Joer fir den Ënnerhalt.

Zuele weisen, dass sou Programmer mat mehrjährege Kulturen méi schwéier ze implementéieren sinn. Si weisen och, dass den Agroforst-Projet vum Naturpark Our bis elo däitlech méi Uklang fonnt huet wéi d'Agrar-, Ëmwelt a Klimamoosnam "Agroforst" (554). D'Finanzéierung ass nach eng vun de gréissten Hürden. Mat der Upassung vum entsprechem Groussherzogleche Reglement den 27. August 2026 gouf scho reagéiert an Upassunge virgeholl. Sou gouf notament d'Zortelëscht vun eligibele Planzen ugepasst déi an deenen 3 Optiounen AF1, AF2, an AF3 zougeloo sinn, an dem Bauer vill méi Fräiheeten bei sengem Planzechoix loossen.

3. Wat fir Moosname wäerte muss geholl ginn, fir d'Agroforstwirtschaft nach méi resolut ze promovéieren, dat fir d'Biodiversitéit op de Wäsen ze stäerken an de Schutz vun den Déieren op de Weeden am Summer auszebauen?"

Am Ablack ass den Invest bei der Installatioun vum Agroforst (Käschte vu de Planzen, der Uplanzung an der Installatioun vum Schutz géint de Verbass) nach eng Brems. Fir déi nächst Programmationsperiod (PAC 2028-2034) gëtt aktuell analyséiert wat fir eng Defiziter et ginn a

wéi eng Pisten et gi fir sou Projeten am Kader vun den Agrar-, Ëmwelt- a Klimamoossnamen nach méi gezielt a besser ze ënnerstëtzen.

Lëtzebuerg, den 23. Oktober 2026

(s.) Martine HANSEN

Ministesch fir Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau